

*Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jean Asselborn), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

An da komme mir zur Diskussioun vum Projet de loi 5126, eng international Konventioun géint d'Russendiskriminéierung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Hären Nico Loes a Ben Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Rippinger.

7. 5126 - Projet de loi portant approbation de l'amendement à la Convention internationale sur l'élimination de toutes les formes de discrimination raciale, signée à New York, le 7 mars 1966, adopté à la quatorzième Réunion des États parties à la Convention le 15 janvier 1992

#### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Jean-Paul Rippinger (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Gesetzesprojet huet als But en Amendement zu der internationaler Konventioun iwwert d'Élimination de toutes les formes de discrimination raciale ze approvéeieren, déi zu New York signéiert ginn ass, an zwar de 7. März 1966, an adoptéiert ginn ass bei der 14. Reunioun vun all deene Staten, déi do mat dra sinn, notament de 15. Januar 1992. De Projet ass déposéiert ginn de 7. Mee 2003, de Conseil d'État krut e fir Avis de 14. Abrëll 2003 an den 21. Oktober huet de Conseil d'État säin Accord mat dësem Text ginn. D'Commission des Affaires étrangères huet mech dann designéiert als Rapporteur.

Et ass e ganz kleng Projekt de loi an et handelt sech ëm e ganz klengen Amendement, deen a sengem Artikel 8 vun der Konventioun Folgendes modifizéiert, an zwar an deem Sënn, dass de Generalsekretär vun der UNO elo chargéiert gëtt, dat Personal selwer ze engagéieren an och deem Comité fir d'Élimination vun der Discrimination raciale déi noutwendeg finanziell Moyenen ze ginn, déi ee brauch fir kënne sech vu senger Fonctioun ze acquitéieren.

D'Membere vun deem Comité kréien och Emolument, déi prelevéiert ginn op de Ressourcë vun der UNO, an zwar an deene Konditiounen vun der Generalversammlung. Momentan ginn d'Dépense vun de Membere vum Comité en charge geholl vun de Staten. A senger Reunioun vum 3. Mee 2004 huet d'Kommissioun dee Rapport hei ugeholl an ech bieden d'Chamber en ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als Éischten huet den Här Nico Loes d'Wuert.

#### Discussion générale

M. Nico Loes (CSV).- Ech géif och bei dësem Projet dem honorabelen Här Rippinger merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Als nächsten huet d'Wuert den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Jo, meng Fraktioun ass och d'accord.

M. le Président.- D'Madame Minister ass och d'accord.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur*.- Natierlech, Här President. Dem Här Rippinger e Merci a merci dem Konsensus, dee mir hei an der Chamber fanen.

M. le Président.- Mir kommen dann zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5126.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Gleesner (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel) et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5177, eng Konventioun iwwert d'Ernährungshëllef. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

8. 5177 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'aide alimentaire de 1999, faite à Londres, le 13 avril 1999 et des Annexes A et B

#### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei ass den 8. Juli vum leschte Joer déposéiert ginn, de Statsrot huet och am Juli d'lescht Joer säin Avis ginn an den 3. Mee gouf de Rapport da mat deenen anere Gesetzer, déi mir hei diskutéieren, ugeholl.

Déi Konventioun hei iwwert d'Aide alimentaire vu London ersetzt d'Konventioun vun 1995, déi bei eis hei Agank fonnt huet an eis Léglatioun 1999. Déi Konventioun leeft bis den 30. Juni 2005 - op d'mannst ass se bis dohinner verlängert ginn - a si baséiert a sech op dem internationalen Accord sur le blé op de Weessaccord, deen a sech zrëckgeet op d'Joer 1949, deen dann och 1995 ausgelaf ass an zënter 1995 heescht deen Accord sur le blé net méi Accord sur le blé, mä Accord sur les céréales.

Deen Accord hei begräift zwou Konventiounen, wéi gesot eng iwwert de Commerce mat de Céréalen, fir deen d'Europäesch Unioun kompetent ass, an eng sur l'aide alimentaire an et ass déi, déi mir dann haut diskutéieren.

Ëm wat geet et an dësem Accord hei? Mä op Grond vun dësem Accord am Artikel 1 hunn d'Parties signataires sech engagéiert an Noutsituatiounen oder Liwensmëttelkrisen hiert dozou bäizetroen, dass déi Objektiv, déi um Weltsommet vun der Alimentation festgesat goufen, erreecht ginn, déi zum Zil hunn, d'Liwensmëttelsécherheet vun deenen ze verbessern, déi ënner Ennerernährung leiden, iwwert den Approvisionnement an och egal wéi héich de Präis vun deem Weess do ass an och indëpendamment vun der Offer, déi um Maart ass.

Et ass also an deem Sënn e wichtegt Planifikatiouns-, Réglementatiouns- a Koordinatiounsinstrument. D'Konventioun fixéiert awer och d'Engagementer souwuel fir d'Communautéit, wéi fir déi eenzel Länner, dat mécht se op Grond vun Tonnagen, respektiv op Grond vu Valeuren. Dat fixéiert natierlech och d'Modalitéiten, wéi dass dat zou sech geet. D'Contribution vun der Europäescher Gemeinschaft an hire Länner beleeft sech op 1,320 Milliounen Tonnen „équivalent blé“ an 130 Milliounen Euro, wat alles in allem eng Zomm vu 422 Milliounen Euro ausmécht.

D'lëtzebuergesch Quote-part an dëser Konventioun ass festgeluecht op 1.400 Tonnen „équivalent blé“, wat 177.800 Euro entsprécht, wann een eng Tonn mat 127 Euro rechent, sou wéi se elo gerechent ginn.

A Wierklechkeet geet d'Lëtzeburger Hëllef awer wäit iwwert dat eraus zu deem mir eis do engagéiert hunn. Am Budget ass nämlech bei der Aide alimentaire e Kredit virgesi fir 2 Milliounen Euro. An dann hu mer nach mam Cap-Vert en zousätzlechen Accord, iwwert dee mer och dem Cap-Vert all Joer fir 2 Milliounen eng Aide alimentaire garantéieren. Dat mécht alles an allem zesumme fir d'Joer 2003 4 Milliounen Euro, déi mir der Aide alimentaire baisteieren.

Dat ass also 22,5-mol méi wéi dat wat mer u sech misste maachen. A wa mer dat dann esou gutt maachen, da géif ech lech och invitéieren, dësem Gesetz hei Aren Accord ze ginn, deen ech dann och am Numm vun eiser Fraktioun géif bréngen.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

M. le Président.- Den éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes.

#### Discussion générale

M. Nico Loes (CSV).- Jo, grad wéi bei deene Projete virun, géif ech och bei deem hei Projet iwwert d'Aide alimentaire dem Kolleeg Emile Calmes merci soe fir säi Rapport an och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt selbstverständlech den Accord vun onser Fraktioun zu dëser Konventioun bréngen, déi wichteg ass, well et ëmmer Krisen, Hungersnout dorëmmer an der Welt gëtt. Dofir brauche mer esou eng Konventioun. Et ass natierlech vill besser wa mer eigentlech déi Konventioun net bräichten, dat heescht, wann d'Länner selwer kéinten hir Ernährung assuréieren.

Ech wollt trotzdem déi Geleeënheet hei erfaasse fir drop hinweisen, dass mer jo an der Europäescher Unioun amgang sinn eng Evolutioun ze gesinn. Mir wëssen, dass am Welthandel Europa ëmmer e bëssen dénoncéiert gëtt, well et iwwer seng Exportatiounen vun Agrarmëttele subventionéiert, an dass vu villen ënnerentwéckelte Länner oder Entwécklungslänner monéiert gëtt, dass déi Subventiounen sollen opgehuewe ginn, fir dass si selwer kënne sech entwéckelen, och hir Agrikultur entwéckelen. A mir hunn déi lescht Deeg gehéiert, dass den Här Lamy an den Här Fischler eng Ouverture gemaach hunn, fir driwwer nozedenken, déi Subventiounen vun Agrarproduit lues a lues ofzebauen.

Ech fannen dat eng ganz wichteg Evolutioun. Et ass fir d'éischt wou vun der Europäescher Unioun, vun der Kommissioun esou eppes signaléiert gëtt. Ech weess och, dass et ganz grouss Oppositionen gëtt vu verschiddene Länner, besonnesch déi Länner, déi ganz vill Subventiounen fir den Export vun hiren Agrarproduit kréien. Mä ech mengen, dat schéngt mir awer iwwert déi Konventioun hei eraus dee richtege Wee ze sinn, fir den Entwécklungslänner, déi ënner vill Hungersnout leiden, déi wierklech an engem ganz grouse Misär sinn, eng Chance ze ginn, an Zukunft sech selwer ze ernähren an hir eegen Agrikultur ze entwéckelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Ausseminister.

Ah, den Här Mehlen freet nach d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, um Uschloss un dat wat mä Virriedner gesot huet, wëll ech och vun eiser Fraktioun e puer grondsätzlech Wieder soen.

Et ass richtege, dass mer eis engersäits Mëttele musse ginn, oder se verbessern, wéi dat hei virgesinn ass, fir kënnen en cas d'urgence ze hëllefen. Et ass ganz kloer, wa Leit Hunger leiden, da mussen se vun deenen, déi Nahrungsmëttele hunn, ënnert d'Ärm gegraff kréien, fir den État d'urgence ze iwwerwannen.

Selbstverständlech dierf, esou wéi et och virgesinn ass, mat esou Aktiounen net den normale Fonctionnement an d'normal Entwécklung vun der Agrikultur an deene

Länner entravéiert ginn. Et ass dat wat den Här Fayot hei ugeschnidden huet. Et ass eng ganz kompléiert an eng ganz komplex Matière, well just am Beräich vun der Production alimentaire ganz ënnerschiddlech Welten an de Mäert openeen prallen.

Et ass net falsch, wa gesot gëtt, dass d'Europäer, d'Amerikaner, d'entwéckelt Welt mat Produiten, déi excédentaire sinn, déi se ze vill hunn, déi erofsubventionéiert ginn, der Agrikultur an deene Länner, déi en voie de développement sinn, e Schued maachen, well déi kleng bäuerlech Strukturen doduerch net méi kënne mathalen.

Ëmgekéiert ass allerdéngs och gefuer. Et ass evident, dass an Industrielänner wéi bei eis, wou de Liewensstandard héich ass, wou d'Akommeserwaardunge vun de Bauere selbstverständlech sech un deem moossen, wat déi aner Secteuren an deene Länner verdéngen, dass een do mat engem Marché unique mat gläiche Präisser, wou keng Aidé matspillen, dass dat d'Quadrat vum Krees ass an dass dee Konflikt do net zielführend ka geleist ginn.